N°816
Entrée le 30.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.05.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sport weiderzeleeden.**

Per Circulaire vum 20te Juni 2023 hat den deemolege Sportsminister d'Erhéijung vun der staatlecher Participatioun un der Indemnisatioun vum administrativem a techneschem Personal vun de Sportfederatioune fir d'Joer 2023 ugekënnegt.

85.000€ forfaitär jeeweils fir d'Nationaltraineren, déi national Directeur technique (DTN) an déi administrativ Gestionnairë vun de Sportverbänn. 35.100€ iwwerdeems fir d'Personal aus de Sekretariater. Dës forfaitär Montante sollen ausbezuelt ginn op Basis vun de reellen Ausgabe vun de Federatiounen.

Laut Aktivitéitsbericht 2023 vum Sportsministère goufen am Joer 2023 1.475.000€ u 26 Sportverbänn ausbezuelt fir 29,48 administrativ Tâchen an de Sekretariater an 8,25 Tâchë fir administrativ Gestionnairë vun 9 Federatiounen. 4.025.000€ ginn ausbezuelt am Kader vun der Participatioun un de Remuneratioune vun den Nationaltrainer mat Aarbechtskontrakt, respektiv un indemniséiert Nationaltrainer ouni Aarbechtskontrakt, souwéi un DTN'en vun 12 Sportverbänn.

Schlussendlech gi jeeweils 85.000 € un 2 Federatioune fir de Poste vun „Chargé de développement et de formation".

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, dass déi nach besteeënd Kontrakter mat de jeeweilege Sportfederatiounen eigentlech een anere Schlëssel u Participatioun vum Staat virgesinn?

2. Och wann et natierlech ze begréissen ass, dass d'Federatiounen am Prinzip eng méi héich finanziell Ënnerstëtzung kritt hunn, ob wat fir eng kontraktuell Basis huet de Minister sech hei bezunn?

3. Kann de Minister bestätegen, dass et sech bei de 35.100€ fir dat administrativ Personal an de Sekretariater guer net ëm eng Erhéijung handelt mä, au contraire, dëse Betrag och schonn 2022 un déi betreffend Sportverbänn gaangen ass?

4. Wou kommen déi 29,48 administrativ Tâchen, respektiv déi 8,25 Tâchë fir administrativ

Gestionnairen, hier? Wou léit den Ennerscheed tëscht dësen Tâchen, déi eng Ennerstëtzung mat 35.100€, respektiv mat 85.000€, justifiéiert?

5. Wéi héich war d'Unzuel vun Nationaltrainer mat Aarbechtskontrakt, respektiv DTN'en, am Joer 2023? Wéi sinn dës Zuele fir déi indemniséiert Trainer?

6. Gëtt d'Participatioun vum Staat un de Gehälter, respektiv den Indemnitéiten, vun den Nationaltraineren an DTN'en no der respektiver Ausbildung, spréch der Qualifikatioun LUXQF an der néideger INAPS Lizenz, gestaffelt?

7. Wéi war d'Participatioun vum Staat un den indemniséierten Nationaltraineren ouni Aarbechtskontrakt an no wat fir Modalitéiten ass dës ausbezuelt ginn? Wou sinn dës Modalitéite festgehalen?

8. Nodeems dann elo déi verschidden Decomptë vun de Federatioune fir den Exercice 2023 ofgeschloss sinn, kann de Minister den Tableau publizéiere vun de jeeweilege Subsiden, déi un déi verschidde Verbänn fir den Exercice 2023 gaange sinn?

9. Kann de Minister bestätegen, dass verschidde Federatioune mat der säit 2023 ugewannter Method méi schlecht ewechkommen, ewéi dat virdrun de Fall war?

10. Wéi huet d'Participatioun vum Staat un der Remuneratioun an der Indemnisatioun vum administrativen an technesche Personal vun de Sportverbänn vun 2017 bis 2023 evoluéiert?

11. Anscheinend wier de Budget vum betreffende Budgetsartikel fir d'Joer 2023 net duergaangen an dofir huet missen op d'Prozedur vun den „transferts de crédit" zréckgegraff ginn. Wat fir Budgetsartikelen sinn dofir gebraucht ginn an aus wat fir enge Grënn sinn dës Kreditter fir den Exercice 2023 net fir hier eigentlech Zwecker gebraucht ginn?

12. Wou ass déi staatlech Participatioun vu 85.000€ fir d'Joer 2023 fir déi jeeweileg „Chargé de développement et de formation » festgehalen, déi net an der Circulaire vum Juni 2023 drastoung?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°816 vum 30. Mee 2024 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement.**

1) **Kann de Minister bestätegen, dass déi nach besteeënd Kontrakter mat de jeeweilege Sportfederatiounen eigentlech een anere Schlëssel u Participatioun vum Staat virgesinn?**

De Schlëssel huet, opgrond vun der Budgetssituatioun, liicht evoluéiert.

2) **Och wann et natierlech ze begréissen ass, dass d'Federatiounen am Prinzip eng méi héich finanziell Ënnerstëtzung kritt hunn, ob wat fir eng kontraktuell Basis huet de Minister sech hei bezunn?**

Déi finanziell Ënnerstëtzung ass natierlech ofhängeg vun der Budgetsenveloppe. Doduerch dat dës Enveloppe an d'Luucht gaangen ass, ass et méiglech de Federatioune finanziell méi ënner d'Äerm ze gräifen.

3) **Kann de Minister bestätegen, dass et sech bei de 35.100€ fir dat administrativ Personal an de Sekretariater guer net ëm eng Erhéijung handelt mä, au contraire, dëse Betrag och schonn 2022 un déi betreffend Sportverbänn gaangen ass?**

Jo.

4) **Wou kommen déi 29,48 administrativ Tâchen, respektiv déi 8,25 Tâchë fir administrativ Gestionnairen, hier? Wou léit den Ënnerscheed tëscht dësen Tâchen, déi eng Ënnerstëtzung mat 35.100€, respektiv mat 85.000€, justifiéiert?**

Dës Unzuel ass esou iwwer d'Jore mat de Federatiounen zustane komm a spigelt de Besoin am Zesummenhang mam disponibele Budget erëm. D'Differenz vun der finanzieller Partizipatioun erkläert sech duerch déi neideg Qualifikatiounen déi déi administrativ Gestionnaire brauchen.

5) **Wéi héich war d'Unzuel vun Nationaltrainer mat Aarbechtskontrakt, respektiv DTN'en, am Joer 2023? Wéi sinn dës Zuele fir déi indemniséiert Trainer?**

2023 goufe 36 professionnell Trainer, 15,5 DTN'en an 61 indemniséiert Trainer an deene jeweilege Federatiounen subventionnéiert.

6) **Gëtt d'Participatioun vum Staat un de Gehälter, respektiv den Indemnitéiten, vun den Nationaltraineren an DTN'en no der respektiver Ausbildung, spréch der Qualifikatioun LUXQF an der néideger INAPS Lizenz, gestaffelt?**

Stand haut ass dëst nach net de Fall. Ab Oktober vun dësem Joër wäerten d'Indemnitéiten un d'Qualifikatioun vum Personal gekoppelt ginn.

7) **Wéi war d'Participatioun vum Staat un den indemniséierten Nationaltraineren ouni Aarbechtskontrakt an no wat fir Modalitéiten ass dës ausbezuelt ginn? Wou sinn dës Modalitéite festgehalen?**

De Sportsministère iwwerhëlt 85% vun de reellen Ausgaben. D'Hallschent gëtt iwwer eng Avance Mëtt des Jores ausbezuelt. De Recht dann op Basis vun engem Decompte am Ufank vum Joer drop. Dat ass esou an enger Conventioun tëscht dem Sportsministère an der Federatioun festgehalen.

8) **Nodeems dann elo déi verschidden Decomptë vun de Federatioune fir den Exercice 2023 ofgeschloss sinn, kann de Minister den Tableau publizéiere vun de jeeweilege Subsiden, déi un déi verschidde Verbänn fir den Exercice 2023 gaange sinn?**

Dësen Tableau gëtt, wéi och soss all déi Joren, am Aktivitéitsbericht vum Joer 2023 publizéiert.

9) **Kann de Minister bestätegen, dass verschidde Federatioune mat der säit 2023 ugewannter Method méi schlecht ewechkommen, ewéi dat virdrun de Fall war?**

2 Federatioune kruten 2023 eng liicht méi niddreg finanziell Ënnerstëtzung wéi 2022.

10) **Wéi huet d'Participatioun vum Staat un der Remuneratioun an der Indemnisatioun vum administrativen an technesche Personal vun de Sportverbänn vun 2017 bis 2023 evoluéiert?**

Dës Informatioune sinn integral an den Aktivitéitsberichter vun de respektive Joren ze fannen.

2017: 2.894.990 €
2018: 3.048.574 €
2019: 3.666.215,49 €
2020: 4.285.534,49 €
2021: 4.661.936,92 €
2022: 4.981.600,78 €
2023: 5.743.124,64 €

11) **Anscheinend wier de Budget vum betreffende Budgetsartikel fir d'Joer 2023 net duergaangen an dofir huet missen op d'Prozedur vun den „transferts de crédit" zréckgegraff ginn. Wat fir Budgetsartikelen sinn dofir gebraucht ginn an aus wat fir enge Grënn sinn dës Kreditter fir den Exercice 2023 net fir hier eigentlech Zwecker gebraucht ginn?**

Meng Servicer hu misste marginal Montante vun anere Budgetsartikelen, déi awer och fir d'Fërderung vum Federatiounssport genotzt ginn, transferéiere fir de Federatiounen et z'erméiglechen hiert Personal z'indemniséieren.

12) **Wou ass déi staatlech Participatioun vu 85.000€ fir d'Joer 2023 fir déi jeeweileg „Chargé de développement et de formation » festgehalen, déi net an der Circulaire vum Juni 2023 drastoung?**

Dëst ass a bilaterale Gespréicher mat de jeeweilege Federatioune festgehale ginn.

**Lëtzebuerg, den 28. Juni 2024**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo